# GUILLON ALPHONSE
# gen. POOTCHES NAUS

| | |
|---|---|
| * 09.10.1902 | zu LÉIWÉNG (Livange) |
| | bestued den 07.11.1926 zu Stroossen mam |
| FUNCK Marguerite | * 12.11.1904 zu Lëtzebuerg |
| Hir Kanner: | Pierre gen. Bub * 30.03.1928 zu Lëtzebuerg |
| | Alfred * 16.11.1939 zu Mamer |

D'Famill Guillon hat de Café „AU BON COIN" zu Stroossen op der Kräizgaass, Nr. 23, Eck Enn- a Kiirchepad. Well den Alphonse esou extrem „deutschfreundlich" war, gouwen se alle véier de 25. September 1942 an d'Lager LEUBUS a SCHLESIEN ëmgesidelt ënner der Matr. N. 065. 8 Deeg méi spéit gouf den Alphonse Guillon vu sénger Famill ewech geholl a koum op GÖRBERSDORF bei WALDENBURG a Schlesien. Hei war en NS-Erziehungs- an Umschulungslager, wou aus den Inhaftéierten gudd Nazi-Biirger sollte geschult gin. Si hu mat Medikamenter asw. un de Leit experimentéiert, wouduurch se dem Alphonse séng Gesondheet, no iwwer 2 Joer Haft, ruinéiert hun. Am November 1944 koum d'Front ëmmer méi no un d'Lager an dun huet den Alphonse et riskéiert an en as ugedréckt. Mëtt Dezember 44 gouf hie bei der Gare zu SCHILDAU total entkräft opfonnt an an d'Lager BOBERSTEIN bruecht. Endlech war hie bei sénger Fra a séngen zwéi Bouwen. Hei de Wee vu sénger Famill an der Ëmsidlung:

| | |
|---|---|
| LEUBUS (Lubiaz) (PL) | 25.09.1942 - 20.01.1943 |
| BAD FLINSBERG | 20.01.1943 - 23.11.1943 |
| MITTELSTEINE | 23.11.1943 - 07.12.1943 |
| JESCHÜTZ – Stroflager | 08.12.1943 - Enn August 44 |
| HIRSCHBERG | Enn Aug. 44 - Ufank Dez. 44 |
| BOBERSTEIN | Ufank Dez. 44 - Enn Januar 45 |
| Transport | Ufank Februar 1945 mam Zuch iwwer PRAG no PFARRKIRCHEN, ca. 50 km nordwestlech vu LINZ an Éisträich. |
| PFARRKIRCHEN | Ufank Mäerz 45 - Ufank Abréll 45 am Lager |
| Transport | Ufank Abréll no KEMPTEN am Allgäu, vun do aus no BÖHEN (südöstlech vu MEMMINGEN) bei e Bauer. |
| BÖHEN | Ufank Abréll 45 - Ufank Mee 1945 |
| Liberéiert | duurch d'Amerikaner Ufanks Mee 1945, déi och d'Heemrees organiséiert hun. Et goung duurch d'SCHWÄIZ, FRANKRÄICH no LËTZEBUERG. |
| Doheem | den 29. Mee 1945. |

Un de Folge vun der Deportatioun as den Alphonse den 22. Januar 1947 zu STROOSSEN gestuerwen.

## *De Leidenswee vum Alphonse Guillon aus der Siicht vu séngem Jong Pierre*

Wéi an den 30er Joren sech iwwert Europa donkel Wolleken ausgebreet hun, durch d'Entstoen an d'Implantatioun déi aner Säit vun der Musel vum Nationalsozialismus a sénger „Neuen Ordnung", déi d'Mentalitéit vun enger „deutscher Herrenrasse" propagéiert huet, sin och hei zu Lëtzebuerg a villen Uertschaften dene bis dohin onbescholtenen däitsche Bierger d'Kämm geschwollen, a si hu sech zu Klüngelen zesummefond fir eben dës Mentalitéit no baussen ze dokumentéieren. Et sin Téin ugeklongen, déi konform waren zur Relatioun vum „Herrenmensch" a sénge Subordonneën. Dëst as natierlech vun der Reichsregierung ënnerstëtzt gin, an esou as eng Organisatioun entstanen, déi identesch Strukturen hat wéi dat an Däitschland de Fall war, mat Spëtzeldéngscht, Wehrertüchtigung am Hibléck op den Eeschtfall. Déi Preise vun hei hun natierlech versicht, an hire Club och bieder Lëtzebuerger eranzezéien, wat hinnen och iwwerall gelongen as.

Dass dëst spéider esou eskaléiert as an zum Génocide vu jiddesche Bierger a ganz Europa gouf, hu se vläicht nët gewosst, mä dat däerf keng Entschëllegong sin.

Wann hei zu Stroossen e Metzler Hanni Merland déi 5. Kolonn ugefouert huet a mat sénger ganzer Famill sech agesat huet fir déi „neue Ordnung" ze propagéieren, dann huet et als Reaktion dorop och Leit gin, déi sech gewiert hun an ënner dem Impuls vun den Onofhängegkeetsfestivitéite vun 1939 dene Preisen a Lëtzebuerger Preise wollte weisen dass de Slogan „Mir wëlle bleiwe wat mir sin" keen eidelt Wuert wär. Ee vun dene Lëtzebuerger Patriote war den Alphonse Guillon, deen nët méi spéit wéi den 11. Mee 1940 Berufsverbuet kritt huet, well de Bistro, deen hien exploitéiert huet, zougemaach gouf. Dass dës Aktioun schon esou fréi zustane koum, as de Bewäis dass déi deemools nach schwaarz-wäiss Geselle séier aktiv waren a sech nët nëmme mat Plakate pechen ewéi „Hinweg mit den Zollschranken" oder „Ein Volk, ein Reich, ein Führer" ofgin hun, dass se virum Krich schon ugefaangen hun, Leit, déi hinnen nët gefall hun, ze denoncéieren an hinne Schwiregketen ze maachen. Et huet e ganze Mount gedauert, bis Diskussioune mat der